Lacroix - sur - meuse

Och dëst Joër haten mir éng Sortie op Lacroix – sur – meuse an onserem Joresplang virgesin. Wor virun Joren dësen Site als Alternativ mat an den Programm gehol gin, esou ass awer och dës Sortie mëttlerweil fest an eisem alljährlechen Planing verankert. Mir haten eis also Moies zu Lacroix – sur – meuse, dat läit an der Géigend vun Verdun, gesin an et woren am Ganzen 22 Fëscher déi eisem Opruff nokomm woren. Nodeems lues a lues d´Fëscher no eneen angetraff sin, ewoubäi et schon komesch geschéngt huet dass alleguer d´Autoën aus Richtung Dieue sur meuse bäigefour sin ausser eisen Präsident den Jeek, Hien hat erëm éng Ofkiirzung fond déi ee bëssen méi laang gedauert huet, mée schlussendlech wor awer och Hien bäigefour an zeguer den Eugéne an den Erny woren unkomm nodeems Sie, frëndlech ewei Sie nun eemol sin, nach een kléngen Ofstiecher op Sommedieue ënnerhol haten fir do Moien ze soën ewoubäi den Auto aus aaler Gewunescht automatesch an déi Richtung gefour wor.

Mam Wieder haten mir et ganz gudd erwëscht, woren et dach ëm déi 18° Grad an Moies huet zeguer d´Sonn geschéint ewoubäi Mëttes dach d´Wollecken iwwerhand gehol hun. Nodeems mir eis Staangen opgeriicht haten hun mir eis beschtens motivéiert op den Weë bei d´ Waasser gemeet ewell mir op dëser Plaz normalerweis ëmmer ganz vill Fësch gefaangen hun. Dës Kéier sollt et awer anneschters kommen ewell mir net esouvill Fësch ewei normal gefaangen hun, mée dofir woren awer duurchgehend ganz schéin Fësch ze fänken. Entgéint den Sortiën an der Vergaangenheet, ewou ëmmer een kräftegen Wand op dëser Plaz gebloosen huet, wor dës Kéier och den ganzen Dag iwwer iwwerhaapt kéng Loft.





Mir woren ewei ëmmer éng gudd Équipe an et ass vill gelaacht gin, unsech bräicht ech dat net ëmmer ze ernimmen ewell déi Fëscher déi dobäi woren dëst hoffentlech genée esou ëmpfond hun, mée et ass awer ëmmer erëm op een Neist festzestellen dass eis Sortiën déi mir zesummen ënnerhuelen Jidveréngem helleg sin an et spiirt een richteg dass eis Memberen ëmmer op déi Deg hin féiweren ewou mir eis erëm zesummen beim Waasser treffen fir ze fëschen. Et wor och dës Kéier erëm esou dass Jidereen bestriewt wor deenen anneren Kollegen Hëllefstellungen ze gin wann Sie een System entdeckt haten mat deem Sie Fësch gefaangen haten, esou hat den Roger am Laaf vum Moien a bee mol déi richtég Méck fond, een schwaarzen Scarabee an huet selbstverständlech séngen Kollegen dëst net verheemlecht an esou hun dun och

déi anner Fëscher kënnen op déi Art an Weis Erfollegserliewnesser verzeechnen. Dëst ass besonnesch dann wann d'Fësch net esou richtég bäissen ganz hëllefsräich an weisst och natirlech drop hin dass mir wëllen zesummen een schéinen Dag verbréngen ewoubäi och all Fëscher säint wëll dozou bäidroën. Esou wor et dann och den Robert deen no ganz wëssenschaftlecher Method erausfond hat an welcher Déift d'Fësch sutzen, Hien hat séng Staang einfach niddergeluecht fir kënnen besser mat séngen Kollegen ze schnëssen, an esou hun mir dun a bee Mol Alleguer ee bëssen Fësch gefaangen.

Ewei een gesin kann sin der och vun allen Zorten gefaangen gin an Jidvereen hat säin kléngt Erfollegserliewness ze verzeechnen. Déi kléng Paus der teschent huet natiirlech och net dierfen feelen an esou haten mir eis dann an der Mëttesstonn an der Veranda erëmfond fir beim Mëttegiessen déi éischt Erliewnesser ënnert eneen auszetauschen. Dat

ass dann d´Geleenheet nodeems een sech éng Zäit net gesin hat déi erliewten Geschichten zum Beschten ze gin déi sech an der Haaptsaach natirlech ronderëm d´Fëschen dréinen mée och déi éng och anner erliewten Annekdot déi hannert éngem läit ass hei nach éng Kéier zum Virschäin komm, jée zu éngem gelongenen Fëscherdag gehéiert een gudd Iessen einfach dozou an dat gët dann och ausgeliewt bis den leschten Dessert an déi leschten Taas Kaffi ënner Dag sin. Esou gestäerkt ass et dun och Mëttes direckt besser gaangen, d´Laachen an Gestëppels huet net méi opgehalen bis Owes ewou mir eis erëm op den Heemweë gemeet hun.

Esou ass dun erëm een erliewnessräichen Dag zu Ënn gaangen deen mir op keen Fall mëssen willten an bestëmmt an beschter Erënnerung behalen. Mir hun erëm virun Aaën gehalen kritt dass et bei den Sortiën net ëmmer mussen déi vill Fësch sin déi een flotten Dag aus eisem Zesummensin maachen mée villméi ass et d´Komerodschaft an den Respekt géigeniwwer dem Fëscherkolleg déi zu der spezieller Ambiance bei eisen Sortiën dozou bäidroën. An elo sin mir voller Virfreed ewou dach den Héichpunk vum Joër, d´Sortiën op Saulxures – sur – Moselotte an op den Lac de la Salamandre op Latilly, an d´Haus stin. Och hei wäerten mir erëm wonnerschéin Fëscherdeg kënnen erliewen ewoubäi ech perséinlech mech schon op dem Jeek séng Grillade zu Saulxures freën, mäin perséinlechen Héichpunkt vum Joër.